

**Cérémonie de Commémoration au Lycée du Nord**  
**16 décembre 2019**  
**Allocution du directeur**

Altesse Royale ;

Här Chamberspräsident ;

Här Minister ;

Dir Dammen an dir Hären Deputéierten, Buergermeeschter a Verrieder aus de Schäffen- a Gemengeréit;

Excellencies, dear veterans, dear guests,

Dir Dammen an dir Hären Verrieder vun de Commémoratiounsassociatiounen, Federatiounen a Comitéen; vun de Militär Muséeën, de staatlechen Administratiounen an Institutiounen

Léif Schüler an Enseignanten;

Léif Gäscht alleguer

Et ass fir de Lycée du Nord eng grouss Éier fir dierfen, zesumme mat der asbl National Liberation Memorial, mam Comité pour la mémoire de la Deuxième Guerre mondiale, mat de Gemenge Wolz, Wanseler a Stauséigemeng a mam Naturpark Uewersauer eng Kontributioun ze maachen zur Commémoratioun vum 75te Joresdag vum Ufank vun der Ardennenoffensiv.

Et gëtt genuch Grënn fir sech als Schoulcommunität ze engagéieren:

- wann et dorëms geet fir deenen, gréisstendeels jonken Zaldoten Dankbarkeet a Respekt entgéintzebréngen, déi eis viru Krich, Ënnerdréckung a Misère befreit hunn an déi eis Fräiheet, Demokratie a Prosperitéit bruecht hunn;

- wann et dorëms geet fir den Affer vum Krich ze gedenken, d'Mémoire collective ze kultivéieren an doduerch d'Identitéit vun eiser Gesellschaft ze consolidéieren;

- wann et dorëms geet, fir Verantwortung ze iwwerhuelen, dass déi lokal a regional Aspekter vun eisem Patrimoine historique et culturel net a Vergiessenheet geroden;

- a virun allem wann et dorëms geet fir déi jonk Generatiounen vun haut ze informéieren an ze sensibiliséieren.

Monseigneur, dir Dammen an dir Hären, erlaabt mir e puer Reflexiounen zum Rôle vun der Schoul am Kader vun der Gedenk- an Erënnerungsarbecht. D'Schoul huet implizit eng enorm Responsabilitéit, am Allgemengen an awer och am Kontext vum Travail de mémoire. Si muss niewent dem faktuelle Wëssen och moralesch Wäerter, Ethik an Anstand vermëttelen, d'Schüler zu kriteschem Denken animéieren a si encouragéieren fir hir Zukunft responsabel ze gestalten. Ce n'est pas la moindre des ambitions ... d'autant plus wou d'Schoul an enger vernetzter multimedialer Welt bei wäitem net deen eenzeg Influencer vun eiser Jugend ass.

A grad dowéinst musse mir eis eiser Verantwortung stellen. Wann d'Schoul de Lien mécht téschent den Erfahrungen aus der Vergaangenheet an de gesellschaftleche Realitéite vun haut, wann si de Schüler niewent fundéiertem Wëssen ee kohärent Weltbild vermëttelt op der Basis vun Evidenz, Toleranz, a Respekt an si animéiert fir eegestänneg Reflexiounen ze maachen, dann ass deen éischte Schrëtt gemaach fir eis jonk Leit ze sensibiliséieren a resistent ze maache géint Polemik a Populismus. Et soll een näischt dramatiséieren, mee all Acteur am Enseignement muss sech bewusst sinn, dass an deem aktuelle weltpolitësche Kontext vun eis méi verlaangt gëtt wéi dat wat am "Horaires et programmes" steet.

Et ass evident, dass d'Gesellschaft Erwaardungen un d'Schoul huet, et ass awer grad esou evident, dass d'Schoul net dierf eleng gelooss ginn. Eis Jugend muss ee kohärente Kontext vu Bildung, Savoir vivre an Zukunftsperspektive vermëttelt kréien an dat vun all den Institutiounen.

D'Politik ass gefuerdert fir niewent elektoralem Denken déi sozial Kohesioun net aus den Aen ze verléieren an de jonke Leit Perspektiven ze ginn.

D'Medie si gefuerdert fir sech niewent Oplagen, Aschaltquoten a Klickzuelen am Internet och hirem Afloss op d'Grondstëmmung an der Gesellschaft bewusst ze sinn.

D'Elterehaus ass gefuerdert fir bei der Selbstverwierklechung vun den Erwuessenen d'Kanner net ze vergiessen.

Wa mir eis alleguer zesummen zolitt ustrengen, an nëmmen dann, wäert et an absehbarer Zukunft kenger "kleiner Verbrecherbande" méi geléngen fir d'Gesellschaft matt enger geféierlecher Ideologie ze infizéieren an en däischtert Duch vun Ausgrenzung, Rassismus an Ënnerdréckung iwwe Europa ze leeën. Gedenk- an Erënnerungsarbecht muss an eisem gemeinsamen Engagement eng zentral Roll spillen.

De Lycée du Nord huet sech déi lescht Joren ganz staark am Domaine vum Travail de mémoire engagéiert. Mir hunn Zäitzeien an d'Haus invitéiert, Ausstellungen, Visiten, Commémoratiounszeremonien a Schoulreesen organiséiert, mir hu Präsenz gewisen an d'Organisateuren ënnerstëtzt bei Commemoratiounsevenementer an der Region, a mir maache bei all deene Geleeënheeten ëmmer erëm déi formidabel Erfahrung, dass eis Schüler duerchaus Sensibilitéite fir dee Sujet weisen an dass si bereet sinn, fir sech ze informéieren an ze engagéieren. Dat beweisen si net nëmmen haut mee schonn zanter Joren. Mir maachen allerdéngs och d'Erfahrung, dass déi meescht Schüler d'Mémoire net onbedengt an hirer DNA hunn an dass si Sujeten wéi den Holocaust, den zweete Weltkrich an awer och aner Beispiller vu Génocide a Krichsverbrieche réischt an der Schoul kenne leieren.

75 Joer sinn ze kuerz fir ze vergiessen awer laang genuch fir dass doheem um lesdëschen den zweete Weltkrich net méi onbedéngt ee Sujet ass. Dofir ass et ëmsou méi wichteg, dass d'Schoul an d'Gesellschaft Verantwortung iwwerhuelen.

An de Lycée du Nord kommen all Dag iwwer 1200 Schüler aus 33 Nationalitéiten. Si kommen aus ënnerschiddleche kulturelle Kontexter an hier Famillen deelen net déiselwecht Mémoire collective. An trotzdem, ech géing esouguer behaupten grad dowéinst, erliewe mir ëmmer erëm Momenter déi eis alleguer encouragéieren fir un eis Jugend ze gleewen a si ze ënnerstëtzen :

- wann z.B. Schüler sech fir déi lokal a regional Commemoratiounsevenementer engagéieren obwuel hier Familljengeschicht absolut keen Dénominateur commun huet mat den Evenementer viru 75 Joer an dëser Regioun;
- wa Schüler mat ënnerschiddlechem kulturelle Background am Lycée du Nord ee Gedenk- an Erënnerungswend fir d'Affer vun de Krichsverbrieche 1995 zu Srebrenica organiséieren;
- wa si alleguer zesummen opstinn an een Zeeche setzen no den Attentater op d'Redaktioun vu Charlie-Hebdo ... an ech kéint nach aner Beispiller opzielen.

D'Schoulcommunitéit vun dësem Lycée wäert och an Zukunft Verantwortung iwwerhuelen an Engagement weisen am Domaine vum Travail de mémoire an all senge Facetten, sief dat am Kader vu Commemoratiounsaktivitéiten a Projeten an awer och am Geschichtscours, wou mir de lokale Kontext vu Wolz als "Cité martyre" wäerten nach méi staark thematiséieren. Dat maache mir aus Respekt virun deene jonke Männer déi op enger Distanz vun nëmme 4 km a 75 Joer vun dëser Plaz an dësem Moment hiert Liewe gelooss hunn oder verwonnt goufen, aus Respekt virun all de Victimen aus dem zweete Weltkrich a vun der Shoah a vun leider och nach ville Konflikter méi spéit, dat maache mir awer och aus Respekt vis-à-vis vun all den Zäitzeien an hire Familljen, déi sech während ville Joren schonn dofir engagéieren, fir dass déi däischter Period während de Joren 1939 bis 1945 net nëmme schmärerhaft Erënnerungen mee och léierräich Erfahrungen an eiser Mémoire hannerléisst, a finalement maache mer dat aus Iwwerzeegung.

Mir müssen awer och der Realitéit an d'Ae kucken, dass et net méi vill Zäitzeie gëtt an dofir ass et wichteg, dass mir eis Jugend ënnerstëtzen an hirer Bereitschaft fir net ze vergiessen z.B. andeems mir nei Generatioune vun "Passeurs de mémoire" ausbilden a motivéieren fir hiert Wëssen weiderzeginn.

Net manner wéi dat, ass déi gemeinsam Ambitioun, déi mir den 21. Januar mat eise Partner, déi ech virun ernimmt hunn an awer och mat der Uni an dem Zentrum fir politesch Bildung hei am Lycée du Nord wäerten Moies mat Schüler a Studenten diskutéieren. Nomëttes ass eng Table ronde virgesinn an eng Gedenkfeier zum 75ten Anniversaire vun der Libéiratioun vu Wolz.

Monseigneur, dir Dammen an dir Hären, ech soen lech Merci fir är Opmierksamkeit, Merci alleguer eise Partner fir déi gutt a kreativ Zesummenaarbecht am Kontext vun enger nobeler Aufgab a Merci eise Schüler, dass si eis confirméieren, dass mir no 75 Joer nach ëmmer kennen aus der Vergaangenheet léieren!

Ech ginn d'Wuert elo weider un d'Schüler ...

Merci